N°2615
Entrée le 11.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 2615 vum 16. Juli 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro no Grënn fir déi laang Dauer vum Chantier um Viadukt Mënsbech, ob en nach ëmmer am Delai ass, a firwat 2024 keng Ausnam zum Kollektivcongé gefrot gouf.

*Fro 1: Firwat huet de Schantjen op dëser Plaz esou laang gedauert? Bewäert d'Ministesch d'Dauer als normal, am Verglach zu änlechen Aarbechten hei am Land oder am Ausland?*

Opgrond vu Schied un den Deenungsfouen um Viadukt Mënsbech goufen am Hierscht 2023 als direkt Konsequenz éischt Sécherheetsmesurë geholl, dorënner d'Reduktioun vun der Vitess, fir de Risiko vu weideren Degradatiounen un dëse Fouen ze reduzéieren.

Am Summer 2024 goufen dunn op alle betraffene Plaze provisoresch Deenungsfouen agesat. Dës Aarbechten hu 5 Woche gedauert a waren néideg fir de Verkéier op dëser Plaz oprecht ze erhalen. D'Vitessreduktioun wärend der gesamter Zäit zanter dësen Aarbechte war bedéngt duerch déi technesch Contraintë vun de provisoreschen Deenungsfouen an hat näischt mat den Aarbechten u sech ze dinn. Et war eng Moossnam fir weidere Schued ze vermeiden.

An deem Kontext kann een d'Aarbechten als iwwerduerchschnëttlech séier bewäerten.

Aktuell ginn dann déi provisoresch Fouen duerch definitiv Deenungsfouen ersat, soudass dann och all Aschränkung fir de Verkéier op der Bréck opgehuewe ka ginn. Et sief och betount, dass dës Aarbechte gezielt an der Summervakanz realiséiert ginn, fir d'Auswierkungen op de Verkéier esou niddreg wéi méiglech ze halen.

Et ass och wichteg ze ënnersträichen, dass Deenungsfoue fir Brécke vun dëser Gréisst schwéier Strukture sinn, déi op Mooss hiergestallt musse ginn. Zousätzlech ginn et och nëmmen eng begrenzt Unzuel u spezialiséierten a qualifizéierten Entreprisen, déi Aarbechte vun dëser Zort ausféiere kënnen.

*Fro 2: Kann d'Ministesch bestätegen, dass de Schantjen de 15te September 2025 wäert fäerdeg ginn an een ab dem 15te September erëm mat 130km/h iwwert dës Plaz fuere kann?*

Am Fall wou keng Imprevuen am Kader vum Chantier entstinn, ass virgesinn d'Bréck de 15. September erëm op 2x2 Spuere fräizeginn an d'Vitess op déi ursprénglech 130km/h zeréckzesetzen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

*Fro 3: Kann d'Ministesch erklären, firwat 2024 fir dëse Schantje keng Ausnam zum Congé collectif gefrot gouf?*

Opgrond vun der Dauer vun den Aarbechten, déi am Juli a September 2024 ausgefouert goufen, war et net néideg déi provisoresch Aarbechte wärend dem Kollektivcongé selwer ze maachen. Dës Aarbechte konnten och esou virun der Rentrée 2024/2025 ofgeschloss ginn, soudass de Verkéier ab der Rentrée 2024/2025 rëm op jeeweils zwou Spuere pro Richtung lafe konnt.

Lëtzebuerg, den 11. August 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes